

Karl Drais



gebuer den 29.04.1785 zu
Karlsruhe, gestuerwen den
10.12.1851 zu Karlsruhe.

Kuerzbiografie

De Karl Drais, Dafnumm Karl Friedrich Christian Ludwig, Freiherr Drais von Sauerbronn war fir d'éischt Forstbeamten am Déngscht vu Baden, ass spéider awer vum aktiven Déngscht fräigestallt ginn, woubäi hien nach weiderhi säi Loun ausbezuelt krut, an huet eng Carrière als Erfinder ageschloen.

Hien huet ënner anerem eng *Nouteschreifmaschinn* („*Notenschreibmaschine*“), an eng *Schnellschreifmaschinn* („*Schnellschreibmaschine*“) fir 16 Buschtawen erfionnt, zwou véierriedereg *Fuermaschinnen* („*Fahrmaschinen*“) a virun allem déi zweieriedereg *Lafmaschinn* (*Draisinn*). Dës gouf déi éischte Kéier den **12. Juni 1817** zu Mannheim virgestallt a war dat éischt zweieriedereg „selbstfahrendes Fahrzeug“, also e Gefier, dat vum selwe fiert, an domat den Duerchbroch an der Mobilitéit ouni Päerd. Joerzénge duerno gouf et ënner anerem vum Pierre Lallement a Pierre Michaux zu engem pedalbedriwwene Vëlo weiderentwéckelt an huet schliisslech zur Erfindung vum Automobil duerch de Carl Benz geféiert. Fir seng Erfindung gouf de Karl Drais vum badesche Groussherzog Carl zum Professor fir Mechanik ernannt. Seng Versich mat klengen, duerch Muskelkraaft gedriwwene Schinnegefierer hunn de Begrëff *Draisinn* geprägt.

Als iwwerzeegten Demokrat huet de Karl Drais 1849 säin Adelstitel ofgeluecht a gouf dofir nom Echech vun der badescher Revolutioun systematesch a senger Existenz ruinéiert. An der Suite vun Diffamatioune gouf och den Erfolleg vu senger Erfindung vum Fueren op zwee Rieder spéider geleechent.

Den neie Portrait

En neie Portrait vum Erfinder vun der Lafmaschinn, dem Karl Drais, zeechent de Professor Dr. Hans-Erhard Lessing no ömfangräiche Recherchen an den Archiven. Amplaz vum deem säit 150 Joer allgemeng als „lächerlech a skurril“ verächtlech gemaachten adelege Fierschter erkennt hien an him en aussergewöhnlech begaabte jonke Mënsch voller Idealer a spéiderhin en iwwerzeechten 1849er Demokrat.

De Karl von Drais gouf den 29. Abrëll 1785 an der badescher Residenzstad Karlsruhe als Jong vum badeschen Haff- a Regierungsrot Karl Wilhelm Friedrich Ludwig von Drais a senger Fra Ernestine Christine Margaretha, geb. von Kaltenthal, gebuer. Säin Dafpätter war de regéierende Markgraf Carl-Friedrich von Baden, deen hie spéiderhin an de Forstdienst genannt huet.

De Karl von Drais huet seng Schoulzäit zu Karlsruhe verbruecht, huet 1800 d'Lyzeum mat „Realschulabschluss“ ofgeschloss an ass duerno op d'privat „Forstschule“ vu sengem Monni Friedrich Heinrich Georg zu Pforzheim gaangen. Wéinst „Bewerberstau“ bei de Plaze fir zukünfteg Fierschter huet hie fir d'éischt vun 1803 bis 1805 Mathematik, Physik a Baukonscht zu Heidelberg studéiert an huet duerno säi badesche Forstdienst ugetrueden, huet sech awer spéiderhi géint d'Laubbunn als Fierschter decidéiert, fir den Tätigkeete vum Ënnerriichten an Erfannen nozegoen.

De Papp gouf President vum „Oberhofgericht“, an d'Famill ass 1810 op Mannheim geplënnert. Den Drais ass 1811 vum aktive Forstdienst fräigestallt ginn, krut awer weider säi Loun an ass och op Mannheim geplënnert. Hien huet ënner anerem en *automateschen Nouteschreiwër* (1812) an zwou véierriedereg muskelkraaftbedriwwe *Fuermaschinne* (1813/14) baue gelooss, woubäi hien déi zweet och beim Wiener Kongress presentéiert huet, hien huet mathematesch Ofhandlung verfaasst a schliisslech déi zweieriedereg *Lafmaschinn* (1817) erfionnt.



Mat der Erfindung vu senger Gefierer huet den Drais op eng Rei vu schlechte Recolté reagéiert, déi et ab 1812 gouf, déi schliisslech wéinst de Vulkanäsche vum Tambora-Ausbroch (Indonesien, Abrëll 1815) zu engem verschneite Summer 1816 an enger Hongersnout geféiert hunn. Vill Päerd hu missen aus Nout geschluecht ginn, well d'Kar schonn net fir d'Mënschen duer gaangen ass.

D'*Lafmaschinn* war dofir fir seng Zäitgenossen eng ganz interessant Alternativ zum Päerd, an déi legendär Faart um Donneschdeg, den **12. Juni 1817** op der befestegter Strooss (Chaussee) vu Mannheim bis bei d'Schwetzinger Relaishaus (am haitege Mannheimer Staddeel Rheinau) war den Duerchbroch vum Individualverkéier ouni Päerd. Doduerch, datt hie weider säi Loun als badesche Beamte krut, och wann hie keen aktiven Déngscht geleescht huet, konnt hie seng Erfindung net vermaarten an domat Sue

verdénge, well et absolut verbuede war, als Beamten eng Niewentätegkeet ze hunn.

Ëmmerhi krut hie vum jonke Groussherzog Carl den 12. Januar 1818 fir zéng Joer e groussherzoglecht Privileg op seng Lafmaschinn an e gouf mat enger Aart Erfinderrent zum Professor fir Mechanik ernannt, woubäi hie weider säi Loun vu virdru bezuelt krut.

D’Pisté ware vun de Gefierer staark déif ageschnidden a fir d’Faart mat der Lafmaschinn net gutt géeeent. D’Draisinne-Reider sinn duerfir an de Stied gären op déi vill méi glat Trottoiren ausgewach a waren do natierlech vill ze séier. D’Suite dervunner ware Verbueeter vun der Police an héich Strofen och an England, den USA an esouguer zu Kalkutta, dës hunn den opkommende Verkéier op zwee Rieder fir vill Joren nees verdrängt.

De Karl Drais ass 1822 a Brasilien gereest, wou hien als Landmoosser geschafft huet. Hien hat zwou Lafmaschinne matgeholl, wäert awer dohanne wuel wéinst de schlechte Weeër net vill gefuer sinn. No sengem Retour op Mannheim am Joer 1827 huet hie seng *Schnellschreifmaschinn* gebaut, eng Stenomaschinn fir 16 Zeechen.

Säi Papp ass 1830 gestuerwen. De Karl Drais huet domat d’Ënnerstétzung vum aflossräiche Papp fir seng ongewéinlech Erfindercarrière verluer, a war vun do un den Ugrëff vun de politesche Géigner vum Papp ausgesat an ass systematesch drangsaléiert ginn.


No engem Uschlag op säi Liewen am Joer 1838 huet hie vun 1839 bis 1845 zu Waldkatzenbach am Odenwald gelieft. An dëser Zäit huet den Drais foussbedriwwen Gefierer op Eisebunnsschinnen zu Karlsruhe getest - d’Bezeechnung Draisinn gehéiert duerfir haut nach zum Sproochgebrauch vun den Eisebunner - an ass schliisslech erëm a seng Gebuertsstad geplënnert.

Als Unhänger vun der badescher Revolutioun huet de Karl Drais 1849 öffentlech seng Privileegien als Adelegen ofginn a sech zur Demokratie bekannt. Mam Echec vun der Revolutioun hu fir de Karl Drais batter Zäiten ugefaangen: hie gouf mat seelener Gehäsegkeet mësshandelt, enteegent an als psychesch krank bal entmëndegt.

Seng Rent gouf vun der preussescher Besatzung fir d’Zeréckbezuele vun de Revolutionskäschte beschlagnahmt. Hien huet bis zu sengem Dout den 10. Dezember 1851 zu Karlsruhe a bescheidenen Verhältnesser gelieft.

Dr. Gerd Hüttmann,

*übersetzt von:
Lëtzebuurger Vëlos-
Initiativ (LVI) a.s.b.l.*



„Jugendmarken“-Timbersserie „Déi historesch Entwécklung vum Vëlo an Däitschland vun 1817 bis 1925“ fir den 200. Gebuertsdag vum Karl Drais (Bundesrepublik Däitschland, 1985)

Bibliografie:

Hans-Erhard Lessing, „Automobilität - Karl Drais und die unglaublichen Anfänge“ MAXIME Verlag, Leipzig; 2003, 528 Seiten, unzählige Abbildungen, EUR 32,- ISBN 978-3931965228

Hans-Erhard Lessing, „Karl Drais - Zwei Räder statt vier Hufe“ G. Braun Buchverlag, Karlsruhe; 2010, 135 Seiten, viele Abbildungen, EUR 7,95 ISBN 978-3765085697 (im Antiquariat)